# DEN NAUE FUEDEM

INFOBLAT VUN DER GEMEEN WORMER

Wormer
d'Rieslingsgemeen

N°3
DEZEMBER 2021



▪WORMER ▪WORMERBERREG ▪OHN ▪ÉINEN ▪DRÄIBUER ▪KAPENAKER ▪MEECHTEM

Foto: © Carlo Rinnen

Wormer
d'Rieslingsgemeen

# DE FUEDEM NET VERLÉIEREN


**EDITORIAL** 1

Marc Kring 1

**GEMEENEROT** 2

De Bericht 2

**MATDEELUNGEN** 10

Gutt ze wëssen 10
Däitsche Botschafter 12
WineLightsEnjoy 13
Nauen Darrefkär Wormer 14

**NAUEGKEETEN** 18

Aus der Gemeen 18
Fuerpark 20
Adieu Roby 21
Parking hannert der Gemeen 22
Casino Tuerm 23

**NATURPAKT** 24

Präsentatioun 24
Offallkalenner 25

**KONTAKT** 28

Nëtzlech Nummeren 28



**MARC KRING**
GEMEENECONSEILLER | *CONSEILLER COMMUNAL*
VIZEPRESIDENT VUM SIDERE | *VICE-PRÉSIDENT DU SIDERE*

# LÉIF MATBIERGER*INNEN,

Et ass mir eng Éier an dëser Editioun vum Fuedem e puer Wuert un Iech riichten ze dierfen. Dofir soen ech de Kolleege vum Schäfferot Merci, datt si de Gemeeneréit dës Geleeënheet ginn – dës kollegial Zesummenaarbecht ass net an all Gemeng üblech. Virun allem awer Iech e grousse Merci, datt Dir mir duerch Äert Vertrauen d'Méiglechkeet ginn hutt fir dierfen am Gemeenerot matzeschaffen.

Säit ech 2011 Member vum Gemeenerot gi sinn, sinn ech och President vun der Nohaltegkeetskommissioun a setze mech an dësem Gremium fir eng nohalteg Entwécklung vun eisen Dierfer an aner ëmweltrelevant Sujeten an. Informatiounsowenter, Bam-Schnëttcoursen, Visitte vu Kläranlag a Bësch, Artikelen am Fuedem iwwer d'Nohaltegkeet, Avisen iwwer den neie PAG an aner ëffentlech Projeten beweisen den Asaz um Terrain vun éise Kommissiounsmemberen am Ëmweltberäich – hinnen en opriichtege Merci fir hiert Engagement.

Wéi d'Gemeen 2013 dem Klimapakt 1.0 bäigetrueden ass, hunn ech mech am Klimateam engagéiert, fir ze hëllefe Léisungen bei de schwieregen Themen an der Klima- an Energiepolitik ze fannen. Mat sëllege Projeten an dësem Beräich konnte mir éis Gemeen op dësem Plang konkret weider bréngen, wéi z.B. Solaranlagen op den Diech vu Gemeenegebaier, CO2-Neutral Heizungen an den ëffentleche Gebaier, Subsidiereglement fir d'Bierger. Dat selwecht Engagement wëll ech och fir dat nei Gesetz vum Klimapakt 2.0 mat abréngen.

E weidert Thema, wat mir um Häerz läit, ass déi regional Drénkwaasserversuergung, besonnesch well éis Gemeen keng eegen Drénkwaasserressourcen huet a mir op eng regional Zesummenaarbecht ugewise sinn. Dofir vertrieden ech säit 2011 éis Gemeen am SIDERE (Syndicat intercommunal pour la distribution d'eau dans la région de l'est). 2017 hunn ech d'Vize-Presidence vun dësem Gemeenesyndikat iwwerholl, wou 16 Gemengen aus dem Osten Member sinn.

Iech alleguer, léif Matbierger*innen, wënschen ech schéin a besënnlech Feierdeeg a virun allem eng goud Gesondheet.

# CHERS CONCITOYEN(NE)S,

*Je tiens à remercier le Collège Échevinal pour la possibilité de pouvoir m'adresser à vous – une telle coopération n'est pas usuelle dans toutes les communes. Mais avant tout, un grand Merci à vous de m'avoir accordé votre confiance lors des dernières élections communales.*

*Depuis 2011, je m'engage en tant que membre au conseil communal. Depuis lors, je préside la commission de l'environnement au sein de laquelle nous poursuivons nos efforts en matière de développement durable de nos villages.*

*Des soirées d'information, des cours de taille pour arbres fruitiers, des visites de la STEP ou de la forêt, des avis sur des projets communaux ou sur le nouveau PAG témoignent l'engagement concret des membres de la commission dans le domaine de l'environnement.*

*Au sein de l'équipe climat, je m'engage depuis 2013 à différents niveaux pour contrecarrer les effets de la crise climatique. Avec des projets, tels que l'installation de chauffages neutres en CO2, de panneaux solaires sur les bâtiments communaux, le règlement de subventions promouvant les énergies renouvelables, la commune a pu avancer concrètement dans ce domaine.*

*Un autre sujet qui me tient à cœur, est celui de la distribution régionale de l'eau potable. Comme notre commune ne dispose pas de propres ressources d'eau, nous sommes dépendants d'une coopération régionale. Je représente la commune depuis 2011 au SIDERE et depuis 2017 en tant que vice-président de ce syndicat intercommunal, approvisionnant 16 communes de la région de l'Est.*

*En terminant, je vous souhaite, chers concitoyen/nes, des jours de fête de fin d'année bien reposants et restez en bonne santé.*

# GEMEENEROTSSITZUNG

*vu mëttwochs, dem 11. August 2021*

**Present:** De Buergermeeschter Mathis Ast ; d'Schäffe Max Hengel a Martine Schmit; d'Conseillere Claude Pundel, Martine Kohll, Armand Becker, Marc Beckius a Philippe Steffen, de Gemeenesekretär Jean-Jacques Hellers

**Entschëllegt:** De Conseiller Marc Kring

**Ufank vun der Sitzung:** 17.00 Auer

## ËFFENTLECH SITZUNG

### 1. Dekonten- Feld- a Wéngertsweeër

8 x ☑

2017 hat de Gemeenerot en Devis vun 49.959,00 € fir d'Astandsetzungsaarbechte vum Bëschwee «A Grousselt» zu Dräibuer gestëmmt. De Wee ass 2020 gebaut ginn an de Landwirtschaftsministère huet eis elo e Subsid vun 80% akkordéiert (39.967,2€).

De Conseil approuvéiert de Procès verbal vun den Aarbechten an d'Dekonten eestëmmeg.

## NET ËFFENTLECH SITZUNG

### 2. Kurzzäiteg Ersetze vum Gemeenereceveur

Fir d'Period vu September bis Dezember 2021 gëtt een temporairen Ersatz fir de Poste vum Receveur agestallt.

ENN VUN DER SITZUNG ■

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL

*mercredi 11 août 2021*

**Présents :** Le bourgmestre Mathis Ast ; les échevins Max Hengel et Martine Schmit ; les conseillers Claude Pundel, Martine Kohll, Armand Becker, Marc Beckius et Philippe Steffen ; le secrétaire Jean-Jacques Hellers

**Excusé:** Le conseiller Marc Kring

**Début de la séance :** 17.00 heures

## SÉANCE PUBLIQUE

### 1. Décompte - chemin forestier

8 x ☑

En 2017, le Conseil communal a approuvé un devis d'un montant de 49.959,00 € pour la remise en état du chemin forestier «A Grousselt» à Dreiborn. Le chemin fut construit en 2020 ce qui a donné lieu à un subside de la part du ministère de l'environnement à hauteur de 80% (39.967,2€).

## HUIS CLOS

### 2. Remplacement temporaire du receveur

Un remplacement temporaire a été proposé pour le poste du receveur durant la période de septembre jusqu'à décembre.

FIN DE LA SÉANCE ■



## Sébastien MAY

**Receveur - Recette Communale**

De Sébastien May ass de Successeur vum Robert Godart a schafft zënter dem 1. Juni 2021 bei eis am Haus. De Sébastien kënnt aus dem Gemeenesecteur an zwar vun der Gemeng Koplescht wou seng Haaptmissioun et och scho war an de Konte vun der Gemeen ze schaffen.

De 37-Järegen ass frou méi no u sengem Wunnuert dem Wormerberreg ze schaffen, sou kann en och méi Zäit mat senger Famill verbréngen. Mir si frou de Sébastien an eiser Ekipp begréissen ze kënnen.

# GEMEENEROTSSITZUNG

*vu mëttwochs, dem 29. September 2021*

**Present:** De Buergermeeschter Mathis Ast ; d'Schäffe Max Hengel a Martine Schmit; d'Conseillere Claude Pundel, Marc Kring, Martine Kohll, Armand Becker a Marc Beckius, de Gemeenesekretär Jean-Jacques Hellers

**Ufank vun der Sitzung:** 17.30 Auer

## ËFFENTLECH SITZUNG

### 1. Einnahmeerklärungen

De Gemeenerot huet d'Einnahmeerklärungen a Gesamthéicht vun 2.536.422,03 € geneemegt.

### 2. Upassungen am ordinäre Budget 2021

8 x ☑

Well den Emprunt deen am Budget ageschriwwen ass, net wäert gezu ginn, ass de Gemeenerot averstaan dës Depenseën op aner Posten ze transferéieren. Vun den 331.746,22 € ginn 91.000 € op follgend Poste verdeelt:

- Frais administratif facturés par le SIGRE (25.000,00 €)

- Fournitures d'entretien du réseau d'eau (20.000,00 €)

- Services d'entretien et de réparation du réseau d'eau potable (20.000,00 €)

- Eclairage public (20.000,00 €)

-Service d'accompagnement scolaire "Super Senior" (6.000,00 €)

Deemno geet de Boni présumé vum Joer ëm 240.746,22 € an d'Luucht.

### 3. Konventioun "Mäin Offall - Meng Ressourcen"

8 x ☑

De Gemeenerot approuvéiert déi vum Schäfferot an der Administration de l'Environnement ënnerschriwwe Konventioun iwwert d'Fonctionnement vun der neier nationaler Offall-App. Kuerz gesot handelt et sech heibäi ëm een digitalen Offallkalenner.

### 4. Geneemegung vun engem Tauschofkommes

8 x ☑

De Gemeenerot geneemegt en Tauschofkommes mat der Famill Mousel-Poos vu Meechtem. Getosch ginn d'Parzell 45/7522 (0,95 Ar) géint d'Parzellen 45/7522 (0,90 Ar) an 45/7523 (5 Zentiar).

### 5. Temporäert Verkéiersreglement " Route du Vin " zu Wormer

8 x ☑

De Gemeenerot bestätegt dem Schäfferot säin Drénglechkeetsreglement fir de Verkéier wärend den Aarbechten op der Route du Vin zu Wormer ze reegelen.

### 6. Extraordinär Subsiden

8 x ☑

Op Virschlag vum Schäfferot decidéiert de Gemeenerot folgenden Associatiounen eng finanziell Ënnerstëtzung ze accordéieren:

- 50,-€ fir den HB Museldall
- 100,-€ fir d'Special Olympics Luxembourg

### 7. Demissioun vun engem Gemeeneconseiller

8 x ☑

De Gemeenerot hëllt d'Demissioun vum Här Philippe STEFFEN zur Kenntnis an entscheet sech géint Komplementarwalen an der Gemeen Wormer.

ENN VUN DER SITZUNG ■

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL

*mercredi 29 septembre 2021*

**Présents :** Le bourgmestre Mathis Ast ; les échevins Max Hengel et Martine Schmit ; les conseillers Claude Pundel, Marc Kring, Martine Kohll, Armand Becker et Marc Beckius ; le secrétaire Jean-Jacques Hellers

**Début de la séance :** 17.30 heures

## SÉANCE PUBLIQUE

### 1. Titres de recettes

Le Conseil communal approuve des déclarations de recettes d'un montant total de 2.536.422,03 €.

### 2. Modification du budget 2021

8 x ☑

Étant donné que l'emprunt figurant au budget ne sera pas levé, le Conseil communal convient que les dépenses seront transférées à d'autres postes budgétaires. 91.000 € se répartissent sur les postes suivants:

- Frais administratif facturés par le SIGRE (25.000,00 €)

- Fournitures d'entretien du réseau d'eau (20.000,00 €)

- Services d'entretien et de réparation du réseau d'eau potable (20.000,00 €)

- Eclairage public (20.000,00 €)

- Service d'accompagnement scolaire " Super Senior " (6.000,00 €)

Le Boni présumé augmente par conséquent de 240.746,22 €.

### 3. Convention "Mäin Offall - Meng Ressourcen"

8 x ☑

La convention signée entre le Conseil échevinal et l'Administration de l'Environnement règle le fonctionnement de l'application mobile "Main Offall - Meng Ressourcen", une sorte de calendrier des déchets digital. Elle est adoptée à l'unanimité.

### 4. Compromis d'échange

8 x ☑

Un accord d'échange a été conclu entre la famille Mousel-Poos et la Commune de Wormeldange. Il prévoit l'échange d'une parcelle située à Machtum 45/7522 (0,95 are) contre les parcelles 45/7522 (0,90 are) an 45/7523 (5 centiares).

### 5. Règlement de circulation temporaire " Route du Vin " à Wormeldange

8 x ☑

Le Conseil communal confirme le règlement de circulation temporaire d'urgence édicté par le Collège échevinal règlant le trafic pendant la durée des travaux.

### 6. Subsides extraordinaires

8 x ☑

Certaines demandes de subside sont parvenues au Collège échevinal. Le Conseil communal accorde les subsides extraordinaires suivants:

- 50,-€ pour le HB Museldall
- 100,-€ pour Special Olympics Luxembourg

### 7. Démission d'un conseiller communal

8 x ☑

Le Conseil communal prend acte de la démission du conseiller Philippe STEFFEN et choisit de renoncer à des élections complémentaires pour pourvoir le poste vacant.

FIN DE LA SÉANCE ■

# GEMEENEROTSSITZUNG

*vu mëttwochs, dem 17. November 2021*

**Present:** De Buergermeeschter Mathis Ast ; de Schäffe Max Hengel ; d'Conseillere Claude Pundel, Marc Kring, Martine Kohll, Armand Becker a Marc Beckius; de Gemeenesekretär Jean-Jacques Hellers

**Entschëllegt:** D'Schäffe Martine Schmit

**Ufank vun der Sitzung:** 17.00 Auer

## ËFFENTLECH SITZUNG

### 1. Bewirtschaftungsplang 2022 fir d'Gemeenebëscher

7 x ☑

De Gemeenerot heescht den Hauungs- a Kulturplang fir d'Joer 2022 gutt, esou wéi e vun der Forstverwaltung, Bezierk Osten, proposéiert a vum Fierschter, dem Här Eric Dimmer, presentéiert ginn ass. Viraussiichtlech ass mat Recetten an Héicht vu 70.000 € ze rechnen, d'Ausgabe solle sech op 166.000 € belafen.

### 2. Einnahmeerklärungen

De Gemeenerot huet d'Einnahmeerklärungen a Gesamthéicht vun 1.254.165 € geneeemegt.

### 3. Konventioun Pacte Logement 2.0.

7 x ☑

Nom Akraafttrieden am Joer 2008, ass d'Instrument vum Pacte Logement elo iwwerschafft ginn. De Gemeenerot approuvéiert déi nei Konventioun vum Pacte Logement 2.0. déi den 11. August vum Staat an der Gemeen ënnerschriwwe ginn ass. D'Zil vum neie Wunnengsbaupakt besteet dodran sech aktiv fir d'Schafe vu bezuelbarem Wunnraum ze engagéieren. An dëser Demarche ginn d'Gemeene vun engem Logementsberoder fachwëssend ënnerstëtzt.

### 4. Konventioun Super Senior

7 x ☑

De Gemeenerot approuvéiert déi nei Konventioun mat der "MEC asbl" (Mouvement pour l'Égalité des Chances pour Tous), e Service duerch deen d'Kanner aus dem Fondamental Nohëllefsstonne vu Senioren ugebuede kréien.

### 5. Geneemegung vu Pacht- a Mietverträg

7 x ☑

**Locatioun vun engem Schapp an der "Erdkaul"**

De Gemeenerot geneemegt de Mietvertag mat dem Här Weber Charles betreffend e Schapp an der Rue Principale zu Wormer. De Loyer gëtt op d'Joer bezuelt an ass 25,00 €.

**Locatioun vun de Raimlechkeeten am Toussaintshaus**

"Laboratoires Réunis Luxembourg S.A." iwwerhëlt de Locatiounskontrakt fir d'Raimlechkeeten um 1. Stack am Toussaintshaus, zu de besteeënde Konditiounen. Hei gëtt da weiderhin de Service vun de Bluttanalysen assuréiert. De Loyer vun 750,00 € ass all Mount fälleg.

### 6. Ëmklassifizéierung vun de Stroossen

7 x ☑

De Gemeenerot schwätzt sech, nodeems 6 Joer näischt méi an deem Dossier geschitt ass, géint eng Reklasséierung vun de Stroossen "Rue du Faubourg", "Rue de Donven" an dem CR146 zu Meechtem aus. Déi zwou éischt sollen deemno weiderhin der Gemeen gehéieren an déi lescht bleift eng Staatsstrooss. Sou behält d'Gemeen Afloss dorop wat mat dësen zwou Stroossen innerorts geschitt.

### 7. Konventioun vum PAP "Häregoard" um Wormerberreg

7 x ☑

De Gemeenerot approuvéiert d'Konventioun betreffend den Deelbebauungsplang (PAP) "Häregoard" um Wormerberreg. D'Konventioun ass den 1. Oktober 2021 vun der Gemeen an dem Promoteur, d'Oeuvres Paroissales vun Diddeleng ënnerschriwwe ginn an huet als Zil d'Konditiounen an d'Modalitéite festzeleeën, déi de Bauhär oder seng spéider Besëtzer am Kader vun der Realisatioun vun den Infrastrukturen esou wéi dem Bau vun den Unitéite vum PAP ze respektéieren hunn.

### 8. Konventioun vum PAP "Nëttelratt" zu Ohn

7 x ☑

D'Konventioun vum PAP "Nëttelratt" ass vum Gemeenerot ugeholl ginn. D'Konventioun ass den 10. November 2021 vun der Gemeen an dem Promoteur, Capelli Lux S.A. ënnerschriwwe ginn a leet verschidden technesch a finanziell Detailer vum Siidlungsprojet zu Ohn tëschent der Route du Vin an der Rue des Vignes fest. Elo mussen déi staatlech Stelle se nach approuvéieren, éiert de Buergermeeschter d'Baugeneemegung kann ausstellen.

### 9. Loyerspräisser Parking "An den Aessen" zu Éinen

7 x ☑

De Gemeenerot huet sech dofir ausgeschwat d'Tariffer fir d'Stellplazen am Parking "An den Aessen" zu Éinen, déi an den eenzelne Loyerskontrakter festgehale sinn, dem Marchéspräis unzepassen. De Präis fir eng oppe Stellplaz klëmmt vun 30€ op 75 € de Mount. Fir eng iwwerdeckte Parkplaz gëtt den Tarif vu 45€ op 100€ gehéicht.

### 10. Extraordinär Subsiden

8 x ☑

Op Virschlag vum Schäfferot decidéiert de Gemeenerot den Épargne scolaire fir d'Schoulkanner aus der Wormer Gemeen vu 15,00 € op 20,00 € ze héijen. Fir de 37. Concours Luxembourgeois pour Jeunes Solistes kritt d'Fondation UGDA e Subsid vu 50,00 € geneemegt.

## NET ËFFENTLECH SITZUNG

### 11. Personal

**Schaffgezei - Primm**

De Gemeenerot accordéiert zwee Beamten aus dem Service Technique eng järlech Indemnitéit vun 260,56 € fir hiert Schaffgezei. Dës Indemnitéit ass un de Verbraucherindex fir Gezei gebonnen. Zousätzlech dozou kréie si eng eemoleg Primm vun 173,70 €.

**Promotioun vun engem Gemeenebeamten**

De Gemeenerot beschléisst engem Fonctionnaire retroaktiv d'Promotioun an de Grade 11 vu senger Karriär ze accordéieren.

ENN VUN DER SITZUNG ■

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL

*mercredi 17 novembre 2021*

**Présents:** Le bourgmestre Mathis Ast ; l'échevin Max Hengel ; les conseillers Claude Pundel, Marc Kring, Martine Kohll, Armand Becker et Marc Beckius; le secrétaire Jean-Jacques Hellers

**Entschëllegt:** L'échevin Martine Schmit

**Ufank vun der Sitzung:** 17.00 Auer

## SÉANCE PUBLIQUE

### 1. Plan de gestion 2022 de la forêt communale

7 x ☑

Le Conseil communal décide d'approuver le plan de gestion annuel de la forêt communale pour l'exercice 2022 établi par l'Administration de la Nature et des Forêts, Arrondissement EST et présenté par le préposé forestier du tirage de Wormeldange, M. Eric Dimmer, qui prévoit un total de 166.000 € en investissements et de 70.000 € en recettes.

### 2. Titres de recettes

Le Conseil communal approuve des déclarations de recettes d'un montant total de 1.254.165 €.

### 3. Convention pacte logement 2.0.

7 x ☑

13 années après l'entrée en vigueur du pacte logement, l'instrument a été révisé. Le Conseil communal approuve la convention dans le cadre du Pacte Logement 2.0. conclue le 11 août entre l'État et la Commune de Wormeldange. L'objectif consiste à s'engager activement à la création de logements abordables. Un conseiller logement assistera la commune dans le développement d'une stratégie pour le logement et dans la mise en œuvre de celle-ci.

### 4. Convention avec "MEC asbl" - Super Senior

7 x ☑

Le service d'accompagnement scolaire "Super Senior" sera conventionné par la Commune de Wormeldange. Ce projet émane du Mouvement pour l'Égalité des Chances pour Tous et assemblera des seniors avec des élèves du fondamental dans le cadre d'activités d'appui.

### 5. Approbation de contrats de bail et de fermage

**Location d'un hangar sis à Wormeldange "Erdkaul"**

7 x ☑

Le Conseil communal approuve le contrat de location avec Monsieur Weber Charles relatif à un hangar sis Rue Principale à Wormeldange contre un loyer annuel de 25,00 €.

**Location des locaux dans la Maison Toussaint**

7 x ☑

La société "Laboratoires Réunis Luxembourg S.A." reprend le contrat de bail aux mêmes conditions que la société " Gesondheets-Service Lëtzebuerg S.A." Les prises de sang se feront toujours au premier étage de la Maison Toussaint. Le loyer est dû chaque mois et s'élève à 750,00 €.

### 6. Reclassement de la voirie

7 x ☑

Après 6 années d'inactivité dans le dossier, le Conseil communal se prononce contre le reclassement de la "Rue Faubourg", "Rue de Donven" et le CR146 à Machtum. Les premières rues resteront la propriété de la Commune de Wormeldange, tandis que l'autre appartient à l'État.

### 7. Convention du PAP "Häregoard" à Wormeldange-Haut

7 x ☑

Le Conseil communal approuve la convention concernant le plan d'aménagement particulier (PAP) "Häregoard" à Wormeldange-Haut, conclue le 1 octobre 2021 entre la Commune de Wormeldange et le promoteur, les œuvres Paroissiales Saint-Martin Dudelange. Cette convention a pour objet de fixer les conditions et les modalités à faire respecter par le maître d'ouvrage ou ses futurs ayants-droits dans le cadre de la réalisation du PAP en question.

### 8. Convention du PAP "Nëttelratt" à Ahn

7 x ☑

La convention du plan d'aménagement particulier (PAP) "Nëttelratt" à Ahn fut approuvée. Avec la signature des deux parties (Commune de Wormeldange et Capelli LUX S.A.) le 10 novembre 2021, elles acceptent les détails techniques et financiers à respecter dans le cadre de l'éxécution du PAP.

Le bourgmestre ne pourra délivrer l'autorisation à construire qu'après l'approbation des autorités étatiques.

### 9. Prix des loyers parking "An den Aessen" à Ehnen

7 x ☑

Le Conseil communal s'est prononcé en faveur d'un ajustement à la valeur du marché des tarifs de location. Une augmentation des tarifs mensuels pour les emplacements au parking "An den Aessen" fut confirmée, passant de 30 € à 75€ pour un emplacement extérieur, et de 45 € à 100€ pour un emplacement couvert.

### 10. Subsides extraordinaires

7 x ☑

Sur proposition du Collège des Bourgmestre et Échevins, le Conseil communal décide d'augmenter le montant de l'épargne scolaire de 15,00 € à 20,00 € pour les élèves de la Commune de Wormeldange. À l'occasion du 37e Concours Luxembourgeois pour Jeunes Solistes, la fondation UGDA obtiendra un subside de 50,00€.

## À HUIS CLOS

### 11. Personnel

**Indemnité d'habillement**

Une indemnité d'habillement annuelle de 260,56 € fut accordée à deux collaborateurs du Service Technique. Une prime unique de 173,70 € est payée complémentairement à l'indemnité d'habillement.

**Promotion d'un fonctionnaire**

Le conseil communal accorde à un fonctionnaire la promotion rétroactive au grade 11 de sa carrière.


FIN DE LA SÉANCE ■

SDK
RESSOURCEN
INNOVATIOUN
NOHALTEGKEET
CIRCULAR ECONOMY
SuperDrecksKëscht ®

Frot no Ärem

## gratis Begréissungsset

vun der SuperDrecksKëscht bei engem vun eisen Aarbechter um Kundel
(Frittéierfetteemer, ee Rullo Valorluxtuten
an eng Sammelkëscht fir Batterien)



# BRENNHOLZ BESTELLUNG

Wien Brennholz fir d'nächst Joer kafe wëllt, soll seng Bestellung dem Fierschter Eric Dimmer bis den **20. Februar 2022** mailen (eric.dimmer@anf.etat.lu) oder per Post eraschécken (Triage de Wormeldange - 50, Wuetelberreg L-5499 Dreiborn)!

**ENG KOUERT (2 STER) FIR 101,80 € (HTVA) (Max. 4 Kouerten/6m$^3$ pro Stoot) disponibel vu Mee 2021 un!**

D'Bestellung kann wärend de Schaffdeeg a samschdes (07.00 Auer - 20.00 Auer) **tëscht Mee 2022 an Oktober 2022** ofgeholl ginn (+352 621 20 21 05) et läit laanscht d'Bëschweeër.

## BOIS DE CHAUFFAGE

Quand? Commande jusqu'au **20 février 2022**
Auprès du garde forestier Eric DIMMER (eric.dimmer@anf.etat.lu)

| DESCRIPTION | PRIX EN € |
|---|---|
| Bois d'industrie (20 - 90 cm ¢) | 46,3 € (+8% TVA) |
| Bois de chauffage en corde (2m x 1m 1 1,04m) | 101.8 € (+8% TVA) |

*Bois de chauffage à enlever entre mai 2022 et octobre 2022.*




**D'Schëlder si net just Dekoratioun!**

**30**

**HAALT IECH UN D'VITESSBEGRENZUNG!** Fuert lues! Ralentissez!





# Ullrich Wilhelm Klöckner op Visitt an der Gemeen

Den 11. August huet de Schäfferot den Ullrich Wilhelm Klöckner, däitsche Botschafter zu Lëtzebuerg, zesumme mat senger Fra zu Wormer op der Gemeen empfaangen.
Hien huet sech iwwert d'Zesummenaarbecht mat eisen däitschen Nopeschdierfer renseignéiert a si hunn zesummen driwwer geschwat wéi eng Léier si aus den zouene Grenze wärend der Corona-Pandemie gezunn hunn. D'Iwwerschwemmungskatastroph an de Verkéier an eiser Grenzregioun ware weider Gespréichsthemen.

*L'ambassadeur allemand a visité la mairie de Wormeldange le 11 août 2021. Monsieur Ullrich Wilhelm Klöckner et son épouse ont été accueillis par le collège échevinal et le secrétaire communal Jean-Jacques Hellers.*

Am Kader vun der Orange Week, ass d'Gemeen dem Opruff vum Conseil National des Femmes du Luxembourg nokomm fir op de Problem vun der Gewalt géint Fraen hinzeweisen an ze sensibiliséieren.

*Dans le cadre de la Orange Week, la Commune de Wormeldange a répondu à l'appel du Conseil National des Femmes du Luxembourg pour signaler et sensibiliser au problème de la violence contre les femmes.*

Fir de Weltkannerdag ze feieren, hu mir d'Wormer Koeppchen blo beliicht.

*À l'occasion de la journée mondiale des enfants, la chapelle Koeppchen a été illuminée en bleu!*







# WINE LiGHTS ENJOY

Als éischt Hosting-Gemeng vum Wine Lights Enjoy hu mir den ORT Région Moselle Luxembourgeoise bei dësem eenzegaartegen Erliefnes fir déi ganz Regioun ënnerstëtzt. Am Respekt vun engem sanitäre Konzept a mat ronn 3500 Visiteuren iwwert de Weekend vum 3. a 4. Dezember war an de Wéngerten tëschent Wormer an Ohn eng méi lass. Niewent enger ganzer Rëtsch u Wënzer, waren och Veräiner aus der Gemeen mat op der Plaz. D'Gemeen Wormer ass houfreg op eng gelonge Première a seet der Ekipp, dem ORT an dem Gemeeneperonal, déi dëst Event méiglech gemaach hunn, e grousse Merci.

*Le Wine Lights Enjoy a été le dernier événement majeur organisé dans la Commune de Wormeldange. Dans le respect du concept sanitaire en place, quelques 3500 visiteurs se sont mis en marche afin de découvrir des vignobles illuminés avec 17 exposants vignerons et 6 associations locales. Nous remercions l'équipe de l'ORT et notre personnel communal qui ont contribué au succès de ce projet.*








**Wat sinn Är Iddien fir Wormer?**
Donneschdes, den 28. Oktober gouf am Kader vum Nauen Darrefkär Wormer den éischte Biergerworkshop ofgehalen. Nodeems de Buergermeeschter d'Sëtzung opgemaach huet, hu sech déi politesch Vertrieder zréckgezunn an d'Bierger haaten d'Geleenheet sech ënnerteneen auszetauschen. Beim zweete Rendez-Vous de 25. November, sinn Knackpunkten diskutéiert ginn. Merci fir Är Participatioun.
Merci och de Büroen Drees & Sommer an TR-Engineering

**Quelles sont vos idées pour Wormeldange?**
L'atelier inital dans le cadre du nouveau noyau de Wormeldange a eu lieu le 28 octobre 2021. Après que le bourgmestre ait ouvert la séance, les représentants politiques se sont retirés pour laisser la place au débat entre les citoyens. Durant la deuxième réunion au mois de novembre, les points controversés ont fait l'objet d'une discussion.
Nous vous remercions pour votre participation.
Un grand Merci également aux bureaux Drees & Sommer et TR-Engineering






IDEENSPEICHER




ERGEBNISSE AUFTAKTWORKSHOP
LEITLINIEN STÄDTEBAU
KÜHNSTE TRÄUME
SCHLIMMSTE BEFÜRCHTUNG
STÄRKEN
SCHWÄCHEN








# SPAASS A FREED UM PING-PONG

Mir vum **Dësch-Tennis MEECHTEM** freeën is iwwer all nei(en) Matspiller(in) dee Loscht um Sport matt ener Rackett a Ball hott, ob jonk oder scho méi al ob männlech oder weiblech, also generatiouns- a geschlechteriwwergräifend.

“Ping-Pong“ mat dem kliine Ball ass de schnellste Réckschlagsport vun der Welt, ass wiedersécher an ouni Kierperkontakt - Ofstand duerch den Dësch also och net esou verletzungsgeféierlech.

**TRAININGSZÄITEN**

Mëttwochs 17:30 - 18:30 Jugend
ab 18:30 Erwuessener
Freides 17:30 - 19:00 Jugend



Bréng deng Sportsachen mat - Racketten a Bäll senn an der Ping-Pongshal vis-à-vis vun der Kërrech.


---

Tu es interessé pour faire du sport à Machtum?
Alors viens chez nous jouer du tennis de table dans notre hall sportif vis-à-vis de l`église.

**ENTRAÎNEMENT**

Mercredi 17:30 - 18:30 Jeunes
dès 18.30 Adultes
Vendredi 17:30-19:00 Jeunes

Amène des vêtements de sports - des raquettes sont disponibles dans notre Ping-Pongshaal.



Fir weider Informatiounen mellt iech bei / Pour plus d`informations

Toussaint Aly / 661 623 713
Leisen Albert / 691 372 098

DESCH-TENNIS
Meechtem
1967




# FEUX D'ARTIFICE?

Chers citoyens,

Dans le cadre des festivités de fin d'année, l'Administration communale **vous invite à renoncer aux feux d'artifice.**

Néanmoins, le soir de la Saint-Sylvestre, les feux d'artifice et les pétards sont tolérés de 00h00 à 00h15. Les déchets causés par ceux-ci seront à enlever par les utilisateurs.

Respectez vos concitoyens, les animaux et l'environnement.

La Commune de Wormeldange vous remercie pour votre compréhension et vous souhaite d'ores et déjà une bonne année 2022

# Réckbléck

Dës Rubrik vum Naue Fuedem couvréiert d'Méint vu Juli bis Dezember. Wéi dir gesitt ass Dank dem Applizéiere vum Covid-Check Regime erëm méi lass.




Journée des Présidents OAI - 9. Juli 2021



Buergermeeschter vu Mortagua op Besuch - 18. September 2021




Generalversammlung vun de Meechtemer Fraen - 1. Dezember 2021



Generalversammlung vun de Motofrënn Big No(i)se Wormer - 7. August 2021




Klimapaktdag, Auszeechnung fir eis Engagement am Klimpakt - 11. Oktober 2021



UGDA-Auszeechnung vu verdéngschtvolle Membere aus der Chorale - 20. November 2021




20 Joer Riesling Open - 17. September 2021

Famill Wurth schenkt der Gemeen en Tableau
- 23. September 2021





Dag vun der nationaler Commemoratioun
- 10. Oktober 2021




Diplomiwwerreechung vun der Regionaler Maacher Musekschoul - 22. Oktober 2021

Ënnerschreiwe vum Pacte Logement 2.0
- 21. September 2021



D'Rieslingskinnigin Lara an der Drauwelies






LADOG & PEUGEOT
E-2008

# Nei Gefierer




Am Summer kruten eis Aarbechter eng nei Maschinn. Dëst Gefir léisst sech ganz villsäiteg asetzen. Sief et fir de Wanterdéngscht oder beim Nätzen.
Hei gesäit een d'Gefir mat senger Nätzanlag a Waasserfaass. Eng richteg Aarbechtserliichterung fir eis Gärtneschekipp.



De Service Technique krut e neie Betribswon.
Dëst ass e Peugeot E-2008.




Receveur huet eng Gemeen jo bekanntlech just een, bei eis war dat déi lescht 10 Joer de Roby.

Den 21. Mee war säi leschte Schaffdag. Hien wier esouguer nach gäre bliwwen, mee éischtens soll een dann an d'Pensioun soulaang ee nach gesond ass an zweetens wollt de Roby Plaz maache fir déi méi Jonk.

D'Gemeeneverantwortlech an hir Mataarbechter/innen ware frou doriwwer mat souengem kompetente Mënsch wéi dem Roby enk a gutt zesummeschaffen ze kënnen!

De Roby huet zwar Gefalen un der Pensioun fonnt, war sech awer net ze schued an enger Noutsituatioun op d'Gemeen aushëllefen ze kommen. Sou ass de Roby.

Mir hunn him seng léifste Gléckwënsch aus de sozialen Netzwierker nach eng Kéier zesummegefaasst!

A wënschen him vun hei aus natierlech och eng laang a gesond Pensioun!

Parking hannert der Gemeen



# ouvert

**Parking** derrière la Mairie

**stationnement prolongé interdit | maximum 3 heures**








# REVALORISATION "CASINOSTUERM"

De Casinostuerm ass et Wäert erhalen ze bleiwen. Déi Stolentraap ass e flotte Kontast an bréngt en zäitgenëssesсhen Touch mat an de Raum, wärend déi hëlzen Dunnen erëm un dat Alt erënneren.

La tour Casino est un immeuble qui mérite être préservé. L'escalier en acier crée un joli contraste et apporte une touche contemporaine à l'ensemble de la pièce. On essayera également de récupérer les détails du passé avec les poutres en bois qui personnalisent l'intérieur de l'immeuble.




# MEMORANDUM OF UNDERSTANDING



**Den 21. Oktober war eis Gemeenevertriederin Martine Schmit op d'Informatiounsversammlung vum neien Naturpakt an huet d'Dokument vum Naturpakt ënnerschriwwen.**

ET ASS ENG REALITÉIT: de Verloscht u Biodiversitéit geet ëmmer weider virun. Wa mir weider wëllen a farwegen a flotten Uertschafte liewen, da musse mir iwwerdenke wéi mir mat der Natur ëmginn.

Mam **Naturpakt** wëllt de Ministère fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung d'Ziler vum nationale Naturschutzplang gemeinsam mat de Gemeenen ugoen.

Och dëst neit Instrument funktionnéiert mat engem Team. Fir de Naturpakt huet d'Gemeen Wormer sech e **Beroder iwwert eis biologesch Statioun de SIAS** geholl. Hei gëtt een sech eng Aarbechtsweis fir déi Projeten déi een sech opgeléscht huet unzegoen. Mat engem Audit kann e seng Leeschtungen a Saachen Naturschutz op de Prüfstand setzen a sech zertifizéiere loossen. Sou kënnen néideg Gelder generéiert gi fir Projeten an d'Realitéit ëmzesetzen.

Op eisem Gemeenen-Territoire si mir stolz op eise Patrimoine naturel: egal ob Dierfer, Bëscher, Felder, Gewässer, Wéngerten an anere wichtege Naturraim, setze mir eis fir den **Erhalt vun de natierleche Ressourcen** an a verflichten eis verschidde Liewensraim erëm an e besseren Zoustand setzen.

PacteNature
Ma commune s'engage pour la nature

## Calendrier des déchets 2022

ordures ménagères · déchets organiques · verre creux et papier · Valorlux · déchets verts · Bicherbus · vieux vêtements

| Janvier | | | Février | | | Mars | | | Avril | | | Mai | | | Juin | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | S | | 1 | M | | 1 | M | | 1 | V | | 1 | D | | 1 | M | |
| 2 | D | | 2 | M | | 2 | M | | 2 | S | | 2 | L | | 2 | J | |
| 3 | L | | 3 | J | | 3 | J | | 3 | D | | 3 | M | | 3 | V | |
| 4 | M | | 4 | V | | 4 | V | | 4 | L | | 4 | M | | 4 | S | |
| 5 | M | | 5 | S | | 5 | S | | 5 | M | | 5 | J | | 5 | D | |
| 6 | J | | 6 | D | | 6 | D | | 6 | M | | 6 | V | | 6 | L | |
| 7 | V | | 7 | L | | 7 | L | | 7 | J | | 7 | S | | 7 | M | |
| 8 | S | | 8 | M | | 8 | M | | 8 | V | | 8 | D | | 8 | M | |
| 9 | D | | 9 | M | | 9 | M | | 9 | S | | 9 | L | | 9 | J | |
| 10 | L | | 10 | J | | 10 | J | | 10 | D | | 10 | M | | 10 | V | |
| 11 | M | | 11 | V | | 11 | V | | 11 | L | | 11 | M | | 11 | S | |
| 12 | M | | 12 | S | | 12 | S | | 12 | M | | 12 | J | | 12 | D | |
| 13 | J | | 13 | D | | 13 | D | | 13 | M | | 13 | V | | 13 | L | |
| 14 | V | | 14 | L | | 14 | L | | 14 | J | | 14 | S | | 14 | M | |
| 15 | S | | 15 | M | | 15 | M | | 15 | V | | 15 | D | | 15 | M | |
| 16 | D | | 16 | M | | 16 | M | | 16 | S | | 16 | L | | 16 | J | |
| 17 | L | | 17 | J | | 17 | J | | 17 | D | | 17 | M | | 17 | V | |
| 18 | M | | 18 | V | | 18 | V | | 18 | L | | 18 | M | | 18 | S | |
| 19 | M | | 19 | S | | 19 | S | | 19 | M | | 19 | J | | 19 | D | |
| 20 | J | | 20 | D | | 20 | D | | 20 | M | | 20 | V | | 20 | L | |
| 21 | V | | 21 | L | | 21 | L | | 21 | J | | 21 | S | | 21 | M | |
| 22 | S | | 22 | M | | 22 | M | | 22 | V | | 22 | D | | 22 | M | |
| 23 | D | | 23 | M | | 23 | M | | 23 | S | | 23 | L | | 23 | J | |
| 24 | L | | 24 | J | | 24 | J | | 24 | D | | 24 | M | | 24 | V | CENTRE RECYCLAGE KUNDEL |
| 25 | M | | 25 | V | CENTRE RECYCLAGE KUNDEL | 25 | V | CENTRE RECYCLAGE KUNDEL | 25 | L | | 25 | M | | 25 | S | |
| 26 | M | | 26 | S | | 26 | S | | 26 | M | | 26 | J | | 26 | D | |
| 27 | J | | 27 | D | | 27 | D | | 27 | M | | 27 | V | CENTRE RECYCLAGE KUNDEL | 27 | L | |
| 28 | V | CENTRE RECYCLAGE KUNDEL | 28 | L | | 28 | L | | 28 | J | | 28 | S | | 28 | M | |
| 29 | S | | | | | 29 | M | | 29 | V | CENTRE RECYCLAGE KUNDEL | 29 | D | | 29 | M | |
| 30 | D | | | | | 30 | M | | 30 | S | | 30 | L | | 30 | J | |
| 31 | L | | | | | 31 | J | | | | | 31 | M | | | | |

**Calendrier des déchets 2022**

ordures ménagères · déchets organiques · verre creux et papier · Valorlux · déchets verts · Bicherbus · vieux vêtements

| Juillet | | | Août | | | Septembre | | | Octobre | | | Novembre | | | Décembre | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | V | | 1 | L | déchets verts | 1 | J | déchets organiques | 1 | S | | 1 | M | | 1 | J | déchets organiques |
| 2 | S | | 2 | M | | 2 | V | | 2 | D | | 2 | M | ordures ménagères | 2 | V | |
| 3 | D | | 3 | M | ordures ménagères | 3 | S | | 3 | L | verre creux et papier | 3 | J | déchets organiques | 3 | S | |
| 4 | L | déchets verts | 4 | J | déchets organiques | 4 | D | | 4 | M | Valorlux | 4 | V | Valorlux | 4 | D | |
| 5 | M | | 5 | V | | 5 | L | verre creux et papier | 5 | M | ordures ménagères | 5 | S | | 5 | L | |
| 6 | M | ordures ménagères | 6 | S | | 6 | M | Valorlux | 6 | J | déchets organiques | 6 | D | | 6 | M | |
| 7 | J | déchets organiques | 7 | D | | 7 | M | ordures ménagères | 7 | V | | 7 | L | déchets verts | 7 | M | ordures ménagères |
| 8 | V | | 8 | L | verre creux et papier | 8 | J | déchets organiques | 8 | S | | 8 | M | | 8 | J | déchets organiques |
| 9 | S | | 9 | M | Valorlux | 9 | V | | 9 | D | | 9 | M | ordures ménagères | 9 | V | |
| 10 | D | | 10 | M | ordures ménagères | 10 | S | | 10 | L | déchets verts | 10 | J | déchets organiques | 10 | S | |
| 11 | L | verre creux et papier | 11 | J | déchets verts, déchets organiques | 11 | D | | 11 | M | | 11 | V | | 11 | D | |
| 12 | M | Valorlux | 12 | V | | 12 | L | déchets verts | 12 | M | ordures ménagères | 12 | S | | 12 | L | verre creux et papier |
| 13 | M | ordures ménagères | 13 | S | | 13 | M | | 13 | J | déchets organiques | 13 | D | | 13 | M | Valorlux |
| 14 | J | Bicherbus, déchets organiques | 14 | D | | 14 | M | ordures ménagères | 14 | V | | 14 | L | verre creux et papier | 14 | M | ordures ménagères |
| 15 | V | | 15 | L | | 15 | J | déchets organiques | 15 | S | | 15 | M | Valorlux | 15 | J | déchets organiques |
| 16 | S | | 16 | M | | 16 | V | | 16 | D | | 16 | M | ordures ménagères | 16 | V | CENTRE RECYCLAGE KUNDEL |
| 17 | D | | 17 | M | ordures ménagères | 17 | S | | 17 | L | verre creux et papier | 17 | J | déchets organiques | 17 | S | |
| 18 | L | déchets verts | 18 | J | déchets organiques | 18 | D | | 18 | M | Valorlux | 18 | V | | 18 | D | |
| 19 | M | | 19 | V | | 19 | L | verre creux et papier | 19 | M | ordures ménagères | 19 | S | | 19 | L | |
| 20 | M | ordures ménagères | 20 | S | | 20 | M | Valorlux | 20 | J | déchets organiques | 20 | D | | 20 | M | |
| 21 | J | déchets organiques | 21 | D | | 21 | M | ordures ménagères | 21 | V | | 21 | L | déchets verts | 21 | M | ordures ménagères |
| 22 | V | | 22 | L | verre creux et papier | 22 | J | déchets organiques | 22 | S | | 22 | M | | 22 | J | verre creux et papier, déchets organiques |
| 23 | S | | 23 | M | Valorlux | 23 | V | CENTRE RECYCLAGE KUNDEL, vieux vêtements | 23 | D | | 23 | M | ordures ménagères | 23 | V | |
| 24 | D | | 24 | M | ordures ménagères | 24 | S | | 24 | L | déchets verts | 24 | J | déchets organiques | 24 | S | |
| 25 | L | verre creux et papier | 25 | J | déchets organiques | 25 | D | | 25 | M | | 25 | V | CENTRE RECYCLAGE KUNDEL | 25 | D | |
| 26 | M | Valorlux | 26 | V | CENTRE RECYCLAGE KUNDEL | 26 | L | déchets verts | 26 | M | ordures ménagères | 26 | S | | 26 | L | |
| 27 | M | ordures ménagères | 27 | S | | 27 | M | | 27 | J | déchets organiques | 27 | D | | 27 | M | Valorlux |
| 28 | J | déchets organiques | 28 | D | | 28 | M | ordures ménagères | 28 | V | CENTRE RECYCLAGE KUNDEL | 28 | L | verre creux et papier | 28 | M | ordures ménagères |
| 29 | V | CENTRE RECYCLAGE KUNDEL | 29 | L | déchets verts | 29 | J | déchets organiques | 29 | S | | 29 | M | Valorlux | 29 | J | déchets organiques |
| 30 | S | | 30 | M | | 30 | V | | 30 | D | | 30 | M | ordures ménagères | 30 | V | |
| 31 | D | | 31 | M | ordures ménagères | | | | 31 | L | verre creux et papier | | | | 31 | S | |

# OFFALLKALENNER FIR ERAUSZEHUELEN

# CALENDRIER DES DÉCHETS À RETIRER

## & OPZEHÄNKEN

Luet iech och déi nei gratis national Offallapp “Mäin Offall - Meng Ressourcen “ erof!

# ADMINISTRATION COMMUNALE DE WORMELDANGE

ANNUAIRE ■ 95, rue Principale L-5480 Wormeldange ■76 00 31 - 1 ■ www.wormeldange.lu

**Collège des Bourgmestre et Échevins**

Mathis AST
Max HENGEL
Martine SCHMIT

| SECRÉTARIAT COMMUNAL | secretariat@wormeldange.lu | Téléfax 76 84 92 |
|---|---|---|
| Secrétaire communal | Jean-Jacques HELLERS | 76 00 31 - 1 |
| Secrétariat | Sarah REUTER | 76 00 31 - 300 |
| | Lynn KETTEL | 76 00 31 - 317 |
| | Steve NEISES | 76 00 31 - 307 |
| Communication et Relations Publiques | Lis STEINMETZ | 76 00 31 - 335 |

| BUREAU DE LA POPULATION | population@wormeldange.lu | Téléfax 76 84 92 |
|---|---|---|
| État Civil, Indigénat | Marie WALLERS | 76 00 31 - 301 |
| | Pascal WELTER | 76 00 31 - 309 |

| SERVICE TECHNIQUE | technique@wormeldange.lu | Téléfax 76 00 31 - 316 |
|---|---|---|
| Ingénieur technicien | Carlos CANAS | 76 00 31 - 306 |
| Technicien diplômé | David CAPALDINI | 76 00 31 - 314 |
| Technicien diplômé | Jeff SCHNEIDER | 76 00 31 - 355 |

| RECETTE COMMUNALE | recette@wormeldange.lu | |
|---|---|---|
| Receveur communal | Sébastien MAY | 76 00 31 - 303 |

| URGENCES TECHNIQUES | |
|---|---|
| Eau | 76 00 31 - 347 |
| Voirie | 76 00 31 - 342 |
| Bâtiment | 76 00 31 - 352 |

| AUTRES | |
|---|---|
| Centre forestier | 24 75 66 98 |
| Ecole fondamentale | 621 35 57 13 |
| Maison Relais | 76 06 03 - 300 |
| CIS Wormer | 49 771 - 47 96 |
| Police Wormer | 24 47 12 00 |

## - IMPRESSUM -

DIRECTION DE LA PUBLICATION

Collège Échevinal

GRAPHISME ET PRODUCTION

Lis Steinmetz

PHOTOGRAPHIE

Fernand Dax, Pierre Hurt, Jos Soffiaturo, Tom Schartz, Carlo Rinnen, Service interne

MISE EN PAGE

Lis Steinmetz

RÉDACTION

Collège Échevinal, Marc Kring, Lis Steinmetz

CORRECTION ET RELECTURE

Collège Échevinal,

IMPRESSION

Imprimerie OSSA

QUANTITÉ D'IMPRESSION

1300 exemplaires

FSC
www.fsc.org
MIXTE
Papier issu de sources responsables
FSC® C008551

OS
PRINTED IN LUXEMBOURG

PERFORMANCE
myclimate
neutral
Imprimé
01-18-878020
myclimate.org


HAPPY
NEW
YEAR
Wormer
d'Rieslingsgemeen